Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

03.06.2021

## Speziell Konditioune fir d'Leedung vun de Summercampen 2021

*Wéinst der Covid-19 Pandemie goufen national Campen, déi fir de Summer 2021 geplangt waren, entweder ofgesot oder op e spéideren Zäitpunkt verluecht.*

*Well fir d'Participatioun op engem nationale Camp de responsabele Chef vun enger Unitéit keng Ernennung als Branchechef muss hunn, haten eenzel Unitéiten – déi am Moment kee Chef mat enger entspriechender Ernennung hunn – sech op dës national Campe fir hire Summercamp 2021 verlooss.*

*Fir dësen Unitéiten ze erméiglechen, dëse Summer trotzdeem e Camp ze organiséieren, leet de Commissaire général, op Virschlag vum Verbandscomité, entspriechend dem Art. 8.3 vum LGS-Reglement Nr 13, folgend aussergewéinlech Konditioune fir d'Organisatioun vun engem Camp fest :*

### Leedung vum Camp

E Camp gëtt vun engem ernannte Chef (Assistent oder Branchechef) vun der betraffener Branche geleet.

Am Fall wou e Camp vun engem Chef mat enger Ernennung als Assistent geleet gëtt, gëlle folgend zousätzlech Konditiounen :

### Dauer vum Camp

De Camp dauert maximal 5 Deeg (4 Nuechten).

### Plaz vum Camp

De Camp kann nëmmen zu Lëtzebuerg ofgehale ginn.

### Administratives

De responsabelen Assistent hëlt am Virfeld Récksprooch mam zoustännege Gruppechef a Branchecommissaire, déi hiren Accord fir d'Organisatioun vun engem Camp ënnert dëse Konditioune musse ginn.

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Verbandscomité**
5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg
**lgs.lu - Email : comite@lgs.lu**



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT
BIL

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

### Weider Konditiounen

All d'Bestëmmunge vum LGS-Reglement Nr 13, déi duerch dës speziell Konditiounen net betraff sinn, bleiwe weiderhi gëlteg.

### Zäitraum vun dëse Konditiounen

Dës speziell Konditioune gëlle vun deem Zäitpunkt un, wou se de Cheftainen a Chef iwwer Newsletter matgedeelt goufen, bis se vum Commissaire général nees ganz oder deelweis opgehuewe ginn. Spéitstens de 15. September 2021 verléiere se hier Gëltegkeet.

Marc Weis
Commissaire général


**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Verbandscomité**
5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg
**lgs.lu - Email : comite@lgs.lu**

E grousse Merci un eis Sponsoren